N°3574
Entrée le 20.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3574 vum 30. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Georges Engel zum Sujet "Politique européenne de régularisation des migrants".

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Regulariséierungsmoossnam, déi rezent a Spuenien ugekënnegt gouf ?

D'Regierung äussert sech prinzipiell net zu nationale Mesurë vun anere Memberstaaten, well dës an der Kompetenz vun de respektive Staate leien. Am Koalitiounsaccord 2023-2028 ass virgesinn, d'Opportunitéit ze analyséieren, eng Kommissioun fir Härtefall anzeféieren, déi a spezielle Situatiounen eng Avisfunktioun kéint iwwerhuelen. Well eng entspriechend Struktur zanter 2021 schonn ënnert der Form vum „Forum ONG" besteet, deen d'Situatioun vu Persounen ouni legalen Openthalt zesumme mat Vertrieder vun der Zivilgesellschaft evaluéiert, huet d'Regierung decidéiert, dëse Mechanismus bäizebehalen. An deem Kontext hu wärend dem Joer 2025 verschidde Reunioune vum „Forum ONG" stattfonnt, un deenen déi dräi Haaptassociatiounen ASTI, HUT a CLAE deelgeholl hunn. 2025 konnte ronn 100 Persoune regulariséiert ginn, dat op Basis vum „Forum ONG" an duerch déi verschidde Regulariséierungen déi am ofgeännerten Immigratiounsgesetz vum 29. August 2009 virgesi sinn, wéi zum Beispill den Artikelen 78(3) an 89.

2. Plangt d'Regierung eng änlech Moossnam wéi a Spuenien?

D'Regierung plangt keng änlech Regulariséierungsmoossnam wéi a Spuenien . Zu Lëtzebuerg gëtt weiderhin eng Approche verfollegt, d'Situatiounen eenzel a vu Fall zu Fall ze analyséieren.

3. Fënnt zu dësem Thema en Austausch mat aneren EU-Memberstaaten statt?

Stand haut huet Spuenien net gefrot fir des Mesure europäeschen Niveau ze diskutéieren. Och déi zypriotesch Présidence vum Conseil huet net proposéiert, de Punkt tëscht Memberstaaten ze diskutéieren.

Den 10. Februar 2026 huet den EU-Kommissär Magnus Brunner virum europäesche Parlament erkläert, dass des Regularisatioun eng souverän Decisioun vu Spuenien ass, déi d'Kommissioun zur Kenntnis hëlt. Dëst mam Vermierk, dass déi spuenesch Decisioun awer keen „Blanko-Scheck" wier fir sech an engem anere Memberstaat néierzeloossen.

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden